N°2351
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2351 vum 20. Mee 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

1. **Wéi vill gefälscht Luxusartikelen huet d'Douane zu Lëtzebuerg an de leschte fënnef Joer, opgeschlësselt pro Joer, séchergestallt?**

D'Douane féiert keng Statistik iwwer sougenannte „Luxusartikelen". Am Tableau heidrënner sinn duerfir sämtlech gefälschte Wueren, déi d'Douane iwwer déi lescht 5 Joer opgegraff huet, opgelëscht :

| Joer | Unzuel vu Wueren |
|---|---|
| **2020** | 6.557 |
| **2021** | 2.730 |
| **2022** | 6.661 |
| **2023** | 91.022 |
| **2024** | 89.010 |

Déi substantiell Hausse no 2022 kann dobäi op méi Facteuren zréckgefouert ginn, dorënner déi wirtschaftlech Post-Covid-Reprise.

2. **Wat ass de geschätzte Gesamtwäert vun dëse konfiszéierte Wueren a wéi huet sech dësen am Laf vun der Zäit entwéckelt?**

De geschätzte Gesamtwäert vun dëse Wueren, déi d'Douane zeréckbehalen huet, beleeft sech op insgesamt 30.464.134 Euro. Dëse Montant ass ofhängeg vun der Natur an der *Valeur unitaire* vum Produit, déi d'Douane zeréck gehalen huet.

3. **Ëm wéi eng Zort vu Produiten handelt et sech haaptsächlech (Poschen, Kleeder, Aueren, etc.), a vu wéi enge Marken?**

D'Kategorien a Marke vun de Wuere ginn net statistesch erfaasst. Allgemeng kann ee soen dass den héchsten Undeel vun de betraffene Produiten op Kleeder, Sports-Schong a Maroquinerie fält.

4. **Vu wou kommen déi meescht gefälscht Produkter, déi zu Lëtzebuerg saiséiert ginn?**

Déi meescht gefälscht Produiten, déi zu Lëtzebuerg vun der Douane saiséiert goufen, kommen aus China, der Türkei an dem Vietnam.

5. **Wéi eng Moyenen a Ressourcen huet d'Douane aktuell zur Verfügung, fir dëse Problem unzegoen, a si se ausräichend?**

D'Moyene an d'Resourcen, déi der Douane zur Verfügung stinn, sinn a Relatioun mat hiren Attributiounen. Wat d'Zoustännegkeeten am Beräich vun de Fälschungen ugeet, sief op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 303 vum 7. Februar 2024 verwisen:

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

*« En matière de contrefaçon, l'Administration des douanes et accises (ADA) est compétente à la frontière extérieure de l'Union européenne. Sur le territoire national, cette compétence relève de la Police grand-ducale. Les compétences de l'ADA en la matière découlent du Règlement européen (UE) n°608/2013 du Parlement européen et du Conseil du 12 juin 2013 concernant le contrôle, par les autorités douanières, du respect des droits de propriété intellectuelle et abrogeant le règlement (CE) n°1383/2003 du Conseil. Ce règlement confère à l'ADA - uniquement aux frontières extérieures de l'Union européenne - le pouvoir d'intercepter et de retenir les marchandises contrefaites. L'ADA informe ensuite les titulaires de marques qui sont souverains de déclencher, le cas échéant, les procédures judiciaires pour voir leurs intérêts économiques et commerciaux préservés. »*

6. **Wéi héich war de Käschtepunkt an de leschte fënnef Joer fir d'Vernichte vun de saiséierten Produiten, opgeschlësselt pro Joer?**

Heidrënner d'Opleschtung vun de Käschte, déi der Douane fir d'Zerstéierung vu Wueren an de leschte fënnef Joer entstane sinn:

| Joer | Käschte fir d'Zerstéierung (EUR) |
|---|---|
| **2020** | 3.738,15 |
| **2021** | 4.179,12 |
| **2022** | 1.854,45 |
| **2023** | 377,00 |
| **2024** | 159,65 |

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth